ACEL
de Studentevertrieder

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2017

Communiqué de presse

ACEL Studentebal 2017

Freides, den 14. Juli – beim P&R Bouillon, Lëtzebuerg

Dei 17t Editioun vum gréissten Open-Air Studentebal

D'ACEL (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) organiséiert dëst Joer déi 17. Editioun vun sengem traditionellen Studentebal. Zanter 2001 organiséiert d´ACEL dessen Bal an Zesummenaarbecht mat sengen Membercerclen. Mëttlerweil gehéiert de Studentebal dann och zu deenen gréissten Events am Land an ass ënner anerem deen gréissten Open-Air Studentebal zu Lëtzebuerg mat méi wei 4000 Visiteuren all Joer.

Fir de Bal ginn dann all Joer Cerclen vun der ACEL invitéiert fir kennen de Bal mat ze gestallten andeems sie en Stand kréien, wou se e Gedrénks hirer Wahl kennen verkafen. Insgesamt ginn et dëst Joer 31 Cerclen déi deelhuelen an bidden den Visiteuren 30 Specialdrinks aus hiren jeeweilegen Studentestied. De Studentebal steet am Zeechen vum Ofschloss vum akademeschen Joer, an bitt den Schüler an Studenten Méiglechkeet sech rëmzegesinn. Den Erléis vum Event geet integral un Cerclen déi um Bal deelhuelen. Des finanziell Ënnerstëtzung kann soumat fir Aktivitéiten während dem Joer genotzt ginn.

Freides, den 14 Juli 2017 um 20 Auer start déi 17. Editioun vum Studentebal op der Wiss niewent dem P&R Bouillon zu Hollerech. Vun 20 bis 22 Auer gëtt et eng Happy Hour. Fir d 'Stëmmung am Zelt suergen dëst Joer erëm Djen M Double U an the Diamonds. Den Präis am Virverkaf ass 10€ an 12€ an der Oweskeess.

Detailer iwwer de Virverkaf an weider Informatiounen fannt dir um Internetsite www.studentebal.acel.lu an op Facebook.

Kontakt:
Gilles Johann
+352 661 420 541
Responsabel Studentebal 2017